Mierscher Kulturhaus

SANITÄR MESUREN – COVID 19 fir Schoulklassen am MIERSCHER KULTURHAUS

Léif Enseignanten,

D'Theateren an d'Kulturhaiser zu Lëtzebuerg sinn all betraff vun de neien sanitären Mesuren, déi d'Lëtzebuerger Regierung den 27 Oktober 2020 décrétéiert huet. Och bei eis gëllen dës offiziell Recommandatiounen an Direktiven, déi Dir hei kennt noliesen: www.covid19.lu.

Mir sinn frou, eis Dieren weiderhin dierfen opzemaachen an lech, léif Spectateuren.tricen, nach ëmmer dierfen am Kulturhaus ze begréissen! **Mir hoffen, d'Kultur och an dësen schwieregen Zäiten mat lech zesummen kënnen um Liewen ze erhalen!**

Folgend Moossnamen gi wärend dem Besuch mat Ärer Schoulklass bei eis am Haus applizéiert:

- D'Schoulklassen kommen net mat eneen a Kontakt.

- Mir respektéieren eng Distanz vun Minimum 2 Meter op 360 Grad tëscht de Schoulklassen. Dir setzt mat ärer Klass an eenzelen Sëtzgruppen (a net, ewéi soss, am Gradin) wäit vuneneen. Dir hutt also Minimum 2 Meter nieft, virun oder hannert lech keen setzen.

- D'Entrée an de Sall an d'Sortie aus dem Sall gëtt Klass pro Klass gemaach.

- Bei Ärer Arrivée kritt Dir eng spezifesch Platz zougewisen, wou Dir waart, ier Dir an de Sall dierft eragoen. Dir waart op Distanz zu deenen anere Klassen.

- Kanner iwwer 6 Joer an Erwuessener mussen vir, no a wärend der ganzer Virstellung eng Mask oder e Buff undoen.

- D'Kanner mussen hir Jacketten bei sech behalen a mat an de Sall eran huelen.

- Desinfizéiermëttel fir d'Hänn steet op ville Platzen bei eis zu Ärer Verfügung.

- E spezifeschen Affichage um Buedem reegelt all Är Deplacementer.

- Eise Grousse Sall huet eng permanent Entlëftung. Vir an no all Manifestatioun gëtt nach emol extra gelëft.

- Eist Personal passt op lech op an eis Kënschtler freeën sech op lech! Mir maachen eist Bescht fir dass Dir Äre Besuch an eisem Haus genéisse kënnt.